*Seul le discours prononcé fait foi*

**Fête nationale 2025**

**Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg**

**Discours du président de la Chambre des députés, Claude Wiseler**

Monseigneur, Madamm, Här Premierminister, léif Éieregäscht, léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Ee Joer, nodeems ech op d'Welt komm sinn, ass de Prënz Jean Lieutenant-Représentant ginn, an dräi Joer méi spéit Grand-Duc. Hien huet meng ganz Jugend an déi éischt Hallschent vu mengem Liewe gepräägt.

Meng Elteren a Grousselteren hu mir iwwert d'Grande-Duchesse Charlotte erzielt. Iwwert d'Aart a Weis, wéi si no engem historesche Referendum duerch de Wëlle vum Vollek um Troun bestätegt ginn ass. Iwwert hir Roll am Krich an an der Onofhängegkeet vun eisem Land.

Lëtzebuerg hat hinne vill ze verdanken. An d'Lëtzebuerger waren sech däers absolut bewosst.

Dir waart, Monseigneur, Lieutenant-Représentant, wéi ech fir d'éischt an d'Chamber gewielt gi sinn, an ech ka mech nach ganz gutt erënneren, wéi den deemolege Chamberpresident Jean Spautz Iech de 7. Oktober 2000 an der Chamber den Eed ofgeholl huet. Et war e grousse Moment fir mech.

Haut si mir 25 Joer méi spéit. Mir fillen eis zwar nach jonk, mee et ass awer e Véierelsjoerhonnert hier.

25 Joer, an deene vill geschitt ass, an deenen sech villes zu Lëtzebuerg, an Europa an an der Welt geännert huet.

Dir hutt d'Monarchie zu Lëtzebuerg ugepasst un eng Welt, wou alles hannerfrot gëtt, wou alles direkt ëffentlech ass, wou d'Legitimitéit an d'Autoritéit net méi onbedéngt automatesch mat der Funktioun kommen, mee wou se mussen op Akzeptanz stoussen, fir ze daueren.

Dat war deemools, fir Iech a fir d'Grande-Duchesse, eng Erausfuerderung. An Dir waart Iech däers och wuel bewosst.

25 Joer duerno kann een ouni Zweifel soen, datt dës Erausfuerderung gemeeschtert ginn ass.

Dir hutt et fäerdegbruecht, Monseigneur – wéi de Premierminister et scho gesot huet –, wärend 25 Joer déi Neutralitéit, déi noutwendeg ass, wann ee wëllt iwwert der Politik stoen, duerchzehalen. Dir hutt mat 3 Premierministeren zesummegeschafft, mat 66 Ministeren a Staatssekretären, mat 6 Chamberpresidenten a mat 180 Deputéierten.

Bei deene Geleeënheeten, déi ech a menge verschiddenste Funktiounen hat, fir direkt mat Iech ze schaffen, kann ech nëmme bezeien, datt Är Suerg fir d'Land, Ären Interessi un Äre Matbierger an Äre Wëllen ze hëllefen eisem Land déi Zukunft ze ginn, déi et verdéngt, ëmmer Prioritéit fir Iech haten.

Dir wollt Ärem Land déngen: Dat war an ass fir jiddwereen incontestabel an huet zur Credibilitéit vun Ärer Persoun a vun der Monarchie bäigedroen.

An Dir hat wärend 25 Joer d'Grande-Duchesse op Ärer Säit, Ären Alliéierten an e formidabelen Atout.

Ech hat d'Chance, déi eng oder déi aner Kéier mat der Grande-Duchesse op Visitt ze goen, an Altersheemer, bei Associatioune vu behënnerte Leit oder bei sozial schwaach Matbierger.

An ech hunn ëmmer erëm déi Spontanitéit bewonnert, mat där Dir, Madamm, op d'Mënschen zougaange sidd. Wéi einfach Dir et hat, Kontakt ze kréien, a wéi vertrauensvoll d'Leit op Iech reagéiert hunn.

Dat war einfach mënschlech an aus deem Grond ëmmer aussergewéinlech intensiv. An dofir ass de Fonken iwwergesprongen.

Viru 25 Joer an haut och nach. Ëmmer an ëmmer erëm. An nach ëmmer.

Monseigneur, niewent der Aart a Weis, wéi Dir déi institutionell Roll als Monarch erfëllt hutt, hutt Dir och acceptéiert, datt d'institutionell Roll vun der Monarchie wärend Ärem Règne a weesentlechen Aspekter geännert gouf.

Dir sidd Grand-Duc an Dir sidd e Mënsch mat Iwwerzeegungen.

2008 hunn Äert Gewëssen an Är perséinlech Valeuren Iech dru gehënnert, d'Gesetz iwwert d'Euthanasie ze sanktionéieren.

Mir hunn eng Léisung fonnt, déi Dir an enger Televisiounsusprooch deemools esou beschriwwen hutt:

„Dofir ass d'Reform a mengen Aen e Schrëtt an d'Richtung vun enger moderner Monarchie, déi an hirem Handele wéi och an hire Reegelen an eis Zäit passt. "

2011 hutt Dir decidéiert, am Familiepakt d'Gläichberechtegung an der Trounfolleg anzeféieren.

Mir hunn als Chamber jorelaang un enger kompletter Revisioun vun der Verfassung geschafft an Dir hutt Iech fir déi Aarbechten ëmmer interesséiert an se suivéiert.

D'Roll vum Staatschef ass ugepasst ginn un d'geliefte Realitéit, un d'Praxis vum institutionelle Fonctionnement an d'Monarchie als Institutioun ass krisefest gemaach ginn.

Dir hutt verstanen, Monseigneur, datt eng Institutioun ze stäerken net heescht, se einfach onchangéiert wëlle bäizebehalen. Au Contraire, d'Verstäerkung oder d'Perennisatioun vun enger Institutioun heescht vill méi, ëmmer erëm prett ze sinn, fir hire Fonctionnement a Fro ze stellen, hir Schwächten ze erkennen a se do ze verbesseren, wou de Changement vun eiser Gesellschaft eis forcéiert, eis ze adaptéieren, anescht ze reagéieren an anescht ze handelen.

Dat ass virbildlech. Dat ass och typesch lëtzebuergesch. Hei am Land stelle mir eis gären ëmmer rëm a Fro, fir besser a selbstbewosst no vir kënnen ze kucken a weiderzekommen.

Eis Welt changéiert, eis Gesellschaft changéiert, also kann och eis Monarchie net immobile bleiwen.

Dir hutt ëmmer d'Zeeche vun der Zäit erkannt. Dir wësst, datt de gudde Fonctionnement vun demokrateschen Institutiounen op der Akzeptanz vun de Leit an um Vertrauen, dat d'Leit a se hunn, berout.

Duerch déi Beweegung an de Fortschrëtt, déi Dir ëmmer gewollt hutt, hutt Dir weesentlech zur Stabilitéit vun eisen Institutioune bäigedroen. An dat wäert e groussen Atout fir eist Land an deenen nächste Jore sinn.

Monseigneur, Madamm, Dir Dammen an Dir Hären,

Mir liewen haut an enger Welt, wou eis Wäerter all Dag an ëmmer méi a Fro gestallt ginn. Wou dat, wat eis wichteg ass – Fridden, Wourecht, Solidaritéit, Rechtsstaatlechkeet, Mënscherechter – ugegraff gëtt; vu baussen, mee awer och vu bannen.

Eng Zäit, wou mir eis bewosst ginn, datt mir eis, wa mir dat wëllen halen, wat mir hunn, an dat wëlle bleiwen, wat mir sinn, mussen dofir asetzen, engagéieren, jo, esouguer kämpfen. Mir wäerten als Land, mee och als Europa näischt geschenkt kréien, vu kengem.

An dofir ass et wichteg, datt mir gutt opgestallt sinn.

Dofir ass et wichteg, datt mir stabil Institutiounen hunn.

Dofir ass et wichteg, datt eis Gesellschaft kohärent funktionéiert an datt mir, trotz den Ënnerscheeder, déi mir kënnen tëschenteneen hunn, eng grondsätzlech Akzeptanz deelen iwwert d'Aart a Weis, wéi eis Gesellschaft funktionéiert.

Dir representéiert, Monseigneur, esou wéi den Artikel 44 vun eiser Verfassung et seet, de Staat. Dir sidd d'Symbol vun der Unitéit a vun der nationaler Onofhängegkeet.

An deenen Zäiten, an deene mir haut liewen, ass d'Unitéit méi wéi jee verlaangt an d'Roll vum Grand-Duc als Symbol vun der Unitéit méi wichteg wéi jee.

Ech soen Iech Merci fir 25 Joer am Déngscht vum Land. 25 Joer, déi eist Land weiderbruecht hunn, déi eist Land prett gemaach hunn, Zäiten unzegoen, wou et drëms geet, dat, wat fir eis weesentlech ass, eis Demokratie, d'Fräiheet an de Fridden, ze behalen an ze stäerken.

Dir hutt decidéiert, dem Ierfgroussherzog, Ärem Lieutenant-Représentant, am Oktober den Troun ze iwwerloossen.

Mir wëssen alleguer, dass mer och an Zukunft op déi fundamental Wäerter, fir déi Dir stitt, wärte setze kënnen.

An nawell ass et ni einfach, dës Decisioun ze huelen an eng Transitioun anzeleeden. Dëse Courage ze hunn, gehéiert och zur Gréisst vun deem, deen un der Spëtzt ass.

Merci Monseigneur, fir alles.

Vive de Grand-Duc, Vive d'Grande-Duchesse, Vive d'groussherzoglech Famill, Vive Lëtzebuerg, Vive Europa.